



Här President, meng Zäit ass, gesinn ech hei, schonn iwwerschrott. Ech hunn och alles gesot, wat ech ze soen hat.

Nach eng Kéier en décke Merci un d'Chamber, och en décke Merci fir déi Deputéierten, déi d'Regierung an de Minister gelueft hunn. Dat kënnt engem jo och net all Dag vir, mä et deet awer gutt.

Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Och well Der amgaange waart, op d'Froen ze äntwerten, mengen ech, war déi noutwendeg Kulanz do. A mir sinn dann elo prett. Den Här Rapporteur, neen?

(Interruption)

Ah jo!

► **Plusieurs voix**.- Et ass eng Madamm!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, den Här Cruchten hat d'Wuert zur Motioun gefrot.

Motion 1

► **M. Yves Cruchten** (LSAP).- Jo, Här President, ech hat lech gesot, ech géif d'Wuert nach eng Kéier froen, well...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Yves Cruchten** (LSAP).- ...ech „im Eifer des Gefechts“, wéi ech lech d'Motioun an de Grapp gedréckt hunn, vergiess hat, lech ze soen, dass se matgedroe gëtt oder matënnerschriwwé gouf vun der Madamm Lorsché an dem Här Hahn an dem Här Schank, déi mat mer an der Kommissioun sinn, an och vum Här Wolter, dee fir seng Partei haut Stellung geholl huet. Dat wollt ech awer nach präziséieren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dat gesot, si mer, mengen ech, prett, fir de Projet elo ze stëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7284 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo, géif ech soen, eriwwer.

58 Leit hunn um Vott deelgehol: 56-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet 7284 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Sidd Der dermat d'accord, fir d'Dispens vun zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass och dat decidéiert.

An da géife mer zur Motioun iwwergoen. Ech gi jo dervun aus, dass déi vun der ganzer Chamber oder vun dem Gros vun der Chamber gedeelt ass. An ech géif froen, ob Der dermat d'accord sidd, fir mat Handophiewen driwwer ofzestëmmen?

(Interruptions diverses)

Also, dat, wat ugesot ass, zielt. An ugesot war de Vott iwwert den Ensembl vum Projet de loi. Also, dee Projet de loi ass gestëmmt, ass adoptéiert. A mir hunn d'Dispens vum zweete Vott gefrot. Dat hätte mer selbstverständlech net bei enger Motioun gemaach. Mä et ass besser, wann et gesot ass!

A mir géifen dann zur Motioun iwwergoen.

Vote sur la motion 1

Wie mat der Motioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen. Géigeprouf: Wien ass dergéint? Zweek.

Domat ass d'Motioun 1 adoptéiert.

D'Fro war: Wat fir eng Motioun? Ech hat nëmmen eng Motioun hei.

(Hilarité et interruption)

À moins, dass ech eppes verpasst hätt!

Och dës Motioun ass mat grousser Majoritéit ugeholl.

A mer géifen dann zum nächste Punkt vun eiselem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7198 iwwert d'Kontroll vun de Raschtzäite bei de Camions- a Buschaufferen. An d'Wuert huet d'Madamm Josée Lorsché, d'Madamm Rapportrice.

7. 7198 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Ech hunn esou lues d'Gewunnecht!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech maachen et kuerz. Bei dësem Projet de loi geet et drëms, eng Erreur matérielle an eiselem Code de la route ze behiewen. Et handelt sech dobäi ëm eng Rei Dispositiounen, déi mam Gesetz iwwert de Contrôle technique vun de Gefierer aus dem Code de la route erausgeholl gi waren an nees mussen dran ageschriwwé ginn, fir déi néideg juristesesch Sécherheet ze schafen.

Dës Dispositiounen bezéie sech konkret op d'Tachografen, déi a verschiddene Gefierer installéiert sinn, fir d'Rou- an d'Fuerzäiten am Transportsektor ze erfassen. Doru gekoppelt sinn och d'Amenden, déi am Fall vum Netrespekt vun de Regeln ufalen.

Well déi europäesch Reglementatioun an deem Beräich geännert huet, ass et och wichteg, souwuel an dësem Projet de loi wéi och am Code de la route ze mentionnéieren, datt dat aalt Reglement ofgeschaaft ginn ass an duerch d'Reglement vun 2014 ersat gouf.

Dat wier et schonn. Deposéiert gouf dëse Projet de loi den 20. Oktober 2017 vum Minister François Bausch. Den 28. November 2017 huet de Statsrot en éischten Avis dozou ofginn. Doran huet e verlaangt, datt d'Agenten, déi d'Qualitéit vun engem Officier de police judiciaire kënnen zougesprach kréien, am Projet de loi mussen definéiert ginn, wat bis dohin net gemaach gi war.

Deem Uleies ass d'Nohaltegkeetskommissioun nokomm, soudatt de Projet de loi am Avis complémentaire vum Statsrot gréng Luucht kritt huet.

D'Chamber de Commerce huet sech hirersäits ganz positiv dozou geäussert, dëst an hirem Avis vum 26. September 2017. Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech an dräi Sëtzungen mam Projet de loi befaasst an huet mäi Rapport den 12. Juli 2018 eestëmmege ugeholl, woubäi ech awer nach dem Här Guy Staus vum MDDI e grouse Merci wéilt fir seng Hëllef ausdrécken an lech Merci soe fir d'No-lauchteren, natierlech nees mam Accord vun der grénge Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech hunn e puer Wuertmeldungen. Ech géif déi Häre Marco Schank, Yves Cruchten, Gusty Graas an dann och d'Kollege vun der ADR a vun der Lénker froen, ob dat esou ass, dass Der just wëllt den Accord ginn?

(Assentiment)

Majo, da si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A mer sinn elo um Enn vun der Diskussioun schlechthin ukomm a mer géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7198 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7198 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Interruption)

60-mol Jo. Unanimitéit. Domat ass de Projet 7198 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen (par M. Yves Cruchten) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass och dat esou decidéiert.

A mer géifen dann zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7272 iwwert d'Vergréisserung vum Härebiere. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Henri Kox.

8. 7272 - Projet de loi relatif au réaménagement des bâtiments existants et à l'extension de la caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg à Diekirch

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Effektiv geet et hei ëm e Finanzéierungsprojet, fir d'Kasär Grand-Duc Jean um Härebiere éischstens ze sanéieren an natierlech och eng Rei vu Modernisatiounen ze maachen, an zweetens gëtt et och eng Phas vun der Expansioun.

Dëse Projet huet u sech och scho méi e laange Baart, well effektiv ass schonn 2000 iwwert d'Extensioun an och d'Rehabilitatioun vun der Kasär um Härebiere zu Dikrech diskutéiert ginn. D'Gebaier selwer, d'Kasär ass aus de 50er Joren. An et gouf u sech awer héich Zäit, dass dee Projet elo haut zum Vott gestallt gëtt.

Déi Phasen, déi haut diskutéiert ginn, fir déi Renovatioun ze maachen, baséieren op engem Gesetz vum 19. Mee 2009, wou schonn iwwert déi Institutioun diskutéiert gouf a wat d'Besoinen dovunner sinn. Ech hat virdru gesot, dass 2000 schonn eng Kéier ugefaange gouf, driwwer ze diskutéieren. Awer duerch d'Kris vun 2007/2008 gouf de Projet 2010 zrëckgestallt. An dës Regierung huet 2014 de Projet awer erëm erausgeholl, fir en dann endlech ëmzesetzen.

Wichteg ass, dass d'Kasären u sech erweidert ginn. An dat ass och wichteg, well d'zentral Kiche muss erneiert ginn. Déi ass net méi den hygienesche Gesiichtspunkte gerecht ginn, soudass et wichteg ass, dass och do...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Kollegen, et ass ganz schwieereg fir de Rapporteur, wann esou vill Gegommels am Sall ass. Wann ech gelift, nach e bësse Gedold! Den Här Rapporteur huet d'Wuert. Just hien.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Merci, Här President.

Ech wéilt nach eng Kéier drop zrëckkommen, dass d'Erweiderung vum Härebiere selwer duerch Parzelle ka gemaach ginn, wou dann eng zentral Kiche kann entstoan an awer och déi néideg sportlech Infrastrukturen, well ech denken, dass och de Fitnesszoustand vun enger Arméi ganz wichteg ass an och do déi néideg Infrastrukturen net méi adequat sinn.

2015 huet d'Arméi finalement e Projet definéiert, wat alles ka gemaach ginn. An ech wëll déi kuerz opzielen, dat si fënnf Punkten:

- éischstens, dass d'Méiglechkeet besteet, dass eben eng Erweiderung ka gemaach ginn an dat kann eben doduerch gemaach ginn, dass de Stat an och d'Gemeng Dikrech eng Rei vun Terrainen niewent der jëtzege Kasär schonn hunn;

- dass eben de Funktionement vun der Arméi och richtig kann oflafen, mat deenen neien Ufuerderungen un d'Arméi selwer;

- dass e Phasage ka gemaach ginn, Dir kënnt lech jo virstellen, dass dat e (veuillez lire: wichtige) Projet ass, besteeënd Gebaier ze sanéieren, an et ass och wichteg, dat war e véierte Punkt, dass och während der ganzer Zäit, wou et nach funktionéiert, och eben e Phasage ka gemaach ginn, ouni dass ze vill Beanträchtegunge an der Kasär selwer sinn;

- dass natierlech sportlech déi Hal (veuillez lire: dass natierlech déi Sportshal) och entsprechend dann ugebaut gëtt. A wéi scho virdru gesot, well mer elo schonn ausserhalb vun der Kasär ginn, do sinn d'Terrainen nach zur Verfügung an eng eventuell Erweiderung ass op deem Site méiglech. Also et ginn eng ganz Rei Erneuerungen do.

Ech wëll se just opzielen, well souwuel de Projet de loi wéi och mäi schrëftleche Rapport gi méi ausféierlech dorop an. Ech wëll dofir nëmmen déi Haaptpunkten ernimmen. Dass eng nei sportlech Infrastruktur, dass d'Infrastructures administratives och wichteg sinn, déi och erneiert ginn an op d'Besoinen ugepasst ginn. Infrastructures d'instruction: an den alen Hale vun der Sportshal kënnen eng ganz Rei Aktivitéiten dann duerchgefouert ginn, déi méi militäresch Zwecker hunn.

D'Restauration an de Loisirs hunn ech virdru ugeschwat, déi sinn accessibel ausserhalb vun der Enceinte vun der Kasär. Dat war och wichteg, dass déi eben och ausserhalb kënnen genotzt ginn. Déi medezinnesch Infrastrukture ginn neigemaach. D'Securitéit ass e wichtige Punkt, dat ass och wichteg, wat gemaach gëtt. Dann den Entrepôt, den Entreposage ass wichteg, déi ginn och an dësem Projet neigemaach.

D'Pavillons d'activités syndicales, natierlech muss een och do de Gegebenheete vun haut Rechnung droen, dass och si d'Méiglechkeet hunn, fir sech ze versammelen. An e Pavillon de réserve, falls sech nach aner Méiglechkeeten erginn. An déi néideg Parkplazen a Stationementen fir d'militäresch Gefierer, dat versteet sech vum selwen.

De Finanzement, wéi gesot, ass net näischt: 137 Milliounen Euro sinn am Finanzéierungsprojet virgesi mam Index vu 775,93.

De Projet selwer gouf de 27. Mäerz 2018 deposéiert. E gouf de 26. Juni 2018 vum Statsrot aviséiert. De 4. Juli gouf ech zum Rapporteur vun dësem Projet gestëmmt. An den 12. Juli hu mer de Rapport eestëmmege an der Chamberskommissioun ugeholl.

Ier ech awer zum Schluss kommen, wëll ech dovu profitéieren, generell awer op d'Sanéierung vun effentleche Gebaier nach eng Kéier anzegoen. Hei ass e Site, deen natierlech och Potenzial huet, fir erneierbar Energien anzesetzen. A mir hunn iwwert d'Joren oft an den Diskussiounen an der Kommissioun iwwert d'Implantatioun vu Fotovoltaik oder anere Méiglechkeete geschwat. Ech mengen, Dir wësst allegueren, dass an deene leschte Projeten, sief et eng Schoul, siefen et aner Projeten, zum Beispill op der Rockhal, Fotovoltaik implantéiert gouf.

Hei gëtt en Deel vun deenen neie Gebaier och mat Fotovoltaik ausgerüst. Just huet et eis an der Kommissioun a mir selwer och esou geschéngt, wéi wa méi eng Expansioun ka gemaach ginn. An dofir hu mer och an der Kommissioun driwwer diskutéiert. An dee Site ass effektiv en ideal ausgeriichtene Site, fir d'Solarenergie zum Maximum auszenotzen.

An dofir hunn ech eng Motioun proposéiert, déi och vu sämtleche Fraktiounen a politesche Parteien heibanne gedroe gëtt, näamlech dass e Maximum u Fotovoltaik kann ausgenotzt ginn - am Sënn vun der Rifkin-Etüd oder vun der drëtter industrieller Revolutioun, wou mer soen: Okay, de Prosumer, dat ass deen, dee produzéiert a gläichzäiteg verbraucht - an dass mer eben d'Technik vun der Späicherung och op deem Site kënnen notzen.

Dir wësst, firwat den Ausbau bis haut net méiglech war: well d'Stroumleitung vun Dikrech op den Härebiere net ausräichend dimensionéiert ass fir e Réckfloss vun enger vill ze vill grousser Quantitéit un Energie, sief et aus Fotovoltaik oder aner, et kann ee sech jo nach aner Moyene virstellen.

Et ass eng Motioun, déi an d'Richtung geet, fir éischstens e Pilotprojet do ze maachen an zweetens natierlech, wann e Pilotprojet gemaach gëtt, dat och ëmzesetzen, well ech mengen, et ka Modellcharakter hunn net nëmme fir militäresch Zwecker, natierlech, awer insbesondere fir vill Regiounen am Land, vill Dierfer am Land, wéi et méiglech si kann, Energie ze späicheren a gläichzäiteg ze notzen, ouni dass en Netz onbedéngt muss ausgebaut ginn.

Ech wëll och hei nach eng Kéier dovu profitéieren, fir mäi Parteikolleg Camille Gira nach op



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

engem Punkt ze honoréieren, well d'Iddi, fir méi Fotovoltaik op éffentleche Gebaier ze implantéieren, war u sech bei him gewuess, fir iwwert de Fonds climat och Suen zur Verfügung ze stellen, fir ebe Modellcharakter ze hunn fir d'Privatleit: Hei, et ass méiglech. A wann de Stat net selwer virgeet, wie soll et soss maachen? An dofir ass et wichteg an dofir sinn ech frou, dass och hei d'Majoritéit oder allequerten d'Parteien hei an der Chamber déi Motioun matdroen.

An dofir, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

► **M. Henri Kox** (déi gréng), *rapporteur*.- ... hei ass d'Motioun.

Motion 1

Dans le cadre du projet de loi n°7272 relatif au réaménagement des bâtiments existants et à l'extension de la caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg à Diekirch

La Chambre des Députés,

- *vu les divers engagements que le Luxembourg a pris aussi bien au niveau national qu'international dans les domaines de la protection du climat et des énergies renouvelables;*

- *vu que ces engagements demandent également d'utiliser au maximum le potentiel domestique des énergies renouvelables non encore exploitées jusqu'à présent;*

- *vu les recommandations de l'étude stratégique de la «Troisième Révolution Industrielle», dite Rifkin, ainsi que le projet de loi 7266 (projet de loi modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché de l'électricité) sur la production d'énergie et sa consommation directement sur place («Prosumer»);*

- *vu les travaux prévus dans le cadre du projet de loi en question et constatant que les bâtiments au Herrenberg sont orientés de façon optimale pour l'exploitation de l'énergie solaire;*

- *sachant qu'il n'est pas prévu de renforcer le système d'alimentation électrique du site en question et que partant une alimentation du réseau électrique par l'électricité produite au Herrenberg n'est pas possible à court terme,*

invite le Gouvernement

- *à faire élaborer dans le cadre du projet de réaménagement et d'extension une étude de faisabilité pour une exploitation maximale du potentiel d'énergie solaire du site;*

- *à réaliser sur la base de cette étude un projet pilote «Prosumer» ayant pour objectif d'analyser les possibilités de stocker et de consommer sur place l'énergie électrique produite à partir de l'énergie solaire.*

(s.) *Henri Kox, Yves Cruchten, Gusty Graas, Aly Kaes, Fernand Kartheiser, Marco Schank, David Wagner.*

An ech hat, mengen ech, alles zum Gesetz scho gesot. De Rescht steet alles am Gesetzesprojet selwer respektiv a mengem schrëftleche Rapport. An ech wëll awer och gläichzäiteg souwuel d'Motioun guttheesche vun der grénger Fraktioun wéi och de Projet selwer ënnerstëtzen.

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Den Här Aly Kaes kritt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. En

huet de Projet am Detail virgestallt, mengen ech, e Projet, wou et drëm geet, weiderzefuere mat der Konsolidéierung respektiv der Erweiderung vum Härebierg, vun den Infrastrukture vun eiser Arméi, Infrastrukturen, déi u sech gebaut gi sinn an de 50er Joren. A mir wëssen allequerten, datt u ville Beräicher näischt méi oder net méi fundamental geschafft ginn ass.

2009 sinn zwar zwee Projeten hei an der Chamber vottéiert ginn. Engersäits ass de Génie civil, dat heescht d'Infrastructures techniques primaires, fir ronn 20 Milliounen hei vottéiert ginn an ëmgusat ginn. Des Weideren ass och en Hall logistique vu bal 60 Milliounen um Härebierg realiséiert ginn, wat enorm wichteg war, well et war an deem Beräich wierklech onméiglech, fir nach all déi vill Saachen ze stockéieren, déi awer musse bei enger Arméi stockéiert ginn.

Et ass also kloer, datt dat schonn zwee wichteg Schrëck waren. Ech wëll awer och drun erënnere, datt do virdru schonn eng Kéier och e wichtegt Element awer realiséiert ginn ass, nämlech wéi d'Quell an der Rue Clairefontaine komplett neigemaach ginn ass, fir den Härebierg mat Waasser ze versueren, wat och, mengen ech, awer ganz wichteg ass.

Et ass natierlech kloer, datt all déi Infrastrukturen, ob dat um sportleche Plang, um medezinnesche Plang, an der Versuergung, an der gastronomescher Versuergung, kann ee soen, ass, dat heescht, um Härebierg gëtt ganz gutt gekacht, mä awer zënter enger Zäit net méi konform an där Hisiicht, datt déi Infrastruktur, déi do zur Verfügung steet, einfach net méi deem entsprécht (veuillez lire: deem entsprécht, wat velaangt ass). Duerfir ass et also och wichteg, datt an deem Beräich eppes kënnt.

An als Gewerkschaftler ass et och normal, datt ee seet: „Jo, et ass wichteg, datt och d'Personalverriedung déi entspreichend Infrastrukture kritt, fir kënnen hir Aarbecht ze maachen.“ Alles dat, mengen ech, ass ganz wichteg. An et muss een einfach soen: Wa mir wëllen eiser Aufgab an der NATO an doriwwer eraus gerecht ginn an all eis Missionen esou erfëllen, wéi mer se dobaussen erfëllen - a ganz gutt erfëllen a mir kréien ëmmer erëm ganz gutt Kritik als Land, datt eis Zaldotinnen an eis Zaldoten do eng exemplaresch Aarbecht an deene Missionne maachen -, dann ass et och normal, datt si mussen déi entspreichend Infrastruktur hunn, fir sech kënnen op all déi Missionne virzubereeden.

An da verstitt Der jo, datt d'Nopeschgemeng déi, ech soen ëmmer, heiansdo oder ganz dacks am militäreschen Zoustand ass, well dann natierlech eng Rei Übungen op eisem Territoire geschéien,...

(Brouhaha)

...op jidde Fall frou ass, datt och nach eng Kéier en Transfer aus der Stad Lëtzebuerg vum État-major op Dikrech geschitt ass an datt alles dat zu Dikrech investéiert gëtt. Woumadder u sech et sécher ass, datt och an der laanger Zukunft den Härebierg den Härebierg bleift, dat heescht, eis Arméi zu Dikrech bleift. An duerfir sinn, mengen ech, d'Nordstad, Dikrech speziell, mä d'Nordstad an och den Noper ganz kloer immens frou, datt dat de Fall ass. An dat kënnt ganz sécher eiser Economie an der Regioun zegutt. An duerfir ass et och kloer, datt u sech déi Partei, an där ech sinn, nämlech d'CSV, ganz gären dee Projet hei voll a ganz ënnerstëtzt.

(Hilarité)

Ech wollt awer och nach soen, de Rapporteur huet nach eng Motioun presentéiert, wou e vu Fotovoltaik geschwat huet. Jo, ech soen ëmmer als e bëssen de Papp vum Chauffage aux co-

peaux de bois, der Holzhackschnitzelfeuerungsanlage,...

(Hilarité)

...wéi dat esou schéin heescht op Däitsch - jo, vill Leit kréien dat net esou richteg eraus, mä wann een Übung huet, da geet dat -,...

(Brouhaha)

...datt awer och hei zwou Chaudières agebaut gi vun zweemol 500 Kilowatt an datt dat awer wichteg ass, fir och direkt an der Regioun déi néideg Energie ze huelen an och an deem Beräich vun den erneierbar Energien ze investéieren. A selbstverständlech ass et eng gutt Iddi, wa mer et fäerdegbréngen, och esou vill Fotovoltaik wéi méiglech op den Daach ze leeën.

Dat gesot, soen ech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci gesot. A fir déi, déi op déi rout Faarf beim Här Kaes higewisen hunn, den Här Kaes huet och zur Motioun geschwat.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Okay. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà.

(Hilarité)

Den Här Cruchten huet d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten** (LSAP).- Merci, Här President. Ech kann et vill méi kuerz maache wéi den Här Kaes. Mä am Kär wäert ech awer genau datselwecht soen. Natierlech soe mir dem Här Kox villmools Merci fir säi gudden Rapport, an deem en, mengen ech, alles erkläert huet, wat ze soe war, souwuel an deem schrëftlech wéi och deem mëndlechen.

Et ass fir eis Partei selbstverständlech, dass mer gären hätten, dass eis Zaldoten, ob Volontären oder och d'Berufszaldoten, gutt ënnerbruecht sinn, dass déi an anstännegen an adequaten Installatiounen kënnen hiren Déngscht verrichten.

Mir sinn och der Meenung, dass dat doten e sënnavolle Bäitrag zu deem sougenannten Effort de défense ass. An duerfir kënnen mir ganz gären deemem Projet zoustëmmen.

Merçi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann ass et um Här Graas.

► **Plusieurs voix.**- Ah!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ah! Dir hutt se erëmfonnt.

(Brouhaha)

► **M. André Bauler** (DP).- Dës Kéier huet e seng Ried.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, brauch e Land eng Arméi?

(Hilarité)

Wéi Lëtzebuerg? Wéi Lëtzebuerg?

► **Une voix.**- Ah!

► **M. Gusty Graas** (DP).- Fir d'Demokratesch Partei ass dat eng ganz kloer Saach. Jo, mir stinn dozou, datt Lëtzebuerg eng Arméi brauch. Natierlech net, fir Kricher ze féieren, mä virun allem fir sech fir solidaresch an humanitär Grënn ze engagéieren.

Duerfir brauche mer och gutt Infrastrukturen. An ech wëll hei op de Rapport vun der Cour des comptes hiweise vum 4. Mee 2016. An do hat se geschriwwen: «La Cour recommande donc d'accélérer la réalisation des projets de rénovation des bâtiments en question afin de mettre à disposition du personnel concerné des infrastructures modernes et adaptées aux exigences du métier exercé.» Ech mengen, mat deemem Gesetz droe mer deem ouni Zweifel Rechnung.

Datt den Härebierg ouni Zweifel en Nohuelbedarf huet, dat mierkt een, wann een e bëssen duerch déi aktuell Installatiounen geet, da gesäit een, datt do de Geescht aus de 50er Joren nach ëmmer do ass. An duerfir ass et och richteg, datt mer haut dës Decisioun huelen.

Et sinn eng Rei wichteg Infrastrukturen, déi erneiert gi respektiv och nei gebaut ginn. Ech wëll net op déi eenzel elo agoen, déi sinn hei schonn am Detail presentéiert ginn.

Vläicht déi eng oder déi aner Remark nach. Ënner anerem iwwert d'Verwaltungsgebai, wou jo elo soll en Deel vum État-major och op Dikrech kommen, do kommen ech nach eng Kéier zrëck op déi Diskussioun, déi mer och hei haten am Kader vun der Diskussioun iwwer grouss Projekte vun Infrastrukturen.

Deemools hat d'Demokratesch Partei sech relativ reservéiert gewise vis-à-vis vum Bâtiment

St Louis an der Escher Strooss, wou et iergendwéi ugeduecht war, do den État-major ënnerzebréngen. Mir bleiven nach wie vor der Meenung, datt dat net onbedéngt déi beschten Iddi ass. Dat soll awer vläicht nach eng Kéier iwwerluecht ginn.

Mir sinn och der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Arméi haut beschtméiglech modernt Material brauch. Mir hu wichteg Aufgaben ze erfëllen um internationalen Niveau, sief dat um Niveau vun der NATO, sief dat um Niveau vun aneren Organisatiounen. Duerfir ass deen Entreposage, deen elo virgesinn ass, och ganz wichteg. D'medezinnesch Versuergung ass eng vun den Haaptvoraussetzungen, fir datt mer gutt, fit Zaldoten hunn. A wa mer vu fitten Zaldote schwätzen, denke mer natierlech direkt un de Sport. Datt hei eng nei Sportshal amenaagéiert gëtt, ass ganz richteg, datt se och zum Deel kann zur Verfügung gestallt gi fir d'Veräiner, fir aner Manifestatiounen, ass ouni Zweifel eng ganz gutt Saach.

Mir haten dann d'Diskussioun an der Kommissioun iwwert d'Notzung vun alternativer Energie. De Rapporteur, den Henri Kox, deem ech Merci soe fir säi Rapport, ass scho méi dorop agaang. Mir als DP hunn déi Motioun ënnerstëtzt. Mir sinn der Meenung, datt muss gekuckt ginn, fir déi Méiglechkeeten, déi do bestinn, och auszunutzen.

Wann een iwwert d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Arméi schwätzt, dann ass een natierlech ganz séier, wéi gesot, bei den Infrastrukturen. An dowéinst ass dat fir eis eng Selbstverständlechkeet, datt mer dat haut matënnerstëtzen.

De Site Härebierg soll vun eiser Säit aus net a Fro gestallt ginn, well do jo nach d'Méiglechkeete vun Extensioun bestinn.

Ech wëll awer zum Schluss dach trotzdem eng kleng Kritik hei maachen. Mir haten d'Fuerderung an der Kommissioun gestallt, dat den État-major soll an d'Kommissioun kommen, datt den État-major och soll seng Meenung zu deemem Projet äusseren. Dat ass leider net geschitt. Dat bedauere mer e bëssen, well dat hei awer e wesentleche Projet ass. Ech weess, datt natierlech am Virfeld a bei der Ausaarbechtung vun all de Pläng a vun de Realisatiounen ëmmer eng enk Zesummenaarbecht do war. Mä fir eis als Deputéiert wier et awer net onwichtig gewiescht, wa mer hätte kënnen deen Dialog do an der Kommissioun féieren. Déi Propos vu menger Partei ass net respektéiert ginn. Nichtsdestotrotz brénge mer selbstverständlech den Accord.

Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, wat mer schonn am Wahlprogramm 2013 geschriwwen haten: „Die DP will eine ganze Reihe von Infrastrukturen der Armee instand setzen, die definitiv nicht mehr den nötigen Standards entsprechen (Krankenstation, Kantine und so weiter).“ D'DP hat also deemools eng Wäitsicht an huet haut Wuert gehalten. An dowéinst ginn ech selbstverständlech den Accord.

Merçi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Dann huet d'Wuert den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Majo villmools Merci, Här President. An och e grouse Merci un de Rapporteur, fir unzefänken.

Mir schwätzen hei iwwer Militärinstallatiounen, déi wäit iwwer 60 Joer al sinn. Ech erënnere mech, ech sinn agezu ginn de 16. August 1978, dat ass schonn e gewëssenen Zäitraum hier. A wann ech haut iwwert den Härebierg ginn, da mengen ech, datt ech meng Ronnen haut kéint do esou maachen, wéi ech se fréier gemaach hunn. Et huet sech praktesch näischt verännert.

An dee Souvenir, deen ech hunn, wann een do ass, dee weist eigentlech, wéi d'Lëtzebuerger Politik mat der Kasär ëmgaangen ass a wéi ee Stellwäert d'Arméi hat. Wann ee wierklech déi Zaldote respektéiert, déi douewe sinn, all déi Militärpersounen, déi douewe sinn, hir Aarbecht, hiren Engagement fir d'Land, da léisst een eng Installatioun wéi déi do net 60 Joer laang onverännert.

Dat ass eng Kritik, déi dës Regierung net trifft, mä déi Regierunge virdrun, déi haut hei optrieden an d'äitlech grouss Wieder fannen iwwert de Wäert vun der Kasär a vun der Arméi an iwwert d'Regioun. Mä da froen ech mech: Firwat huet eng CSV, déi esou laang an der Regierung war an esou dacks de Verdeedegungsminister hat, ni de Courage gehat an ni deen



Engagement géintwuer eiser Arméi, fir weins- tens emol d’Kasär an en Zoustand ze setzen, dee mënschewierdeg ass fir déi Leit, déi do sinn?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dës...

(Interruption)

...Regierung - ech soen dat, ech maachen dat Kompliment ganz gär -, den Här Minister Schneider hat am Ufank vun der Legislatur- period nach iwwer Videokonferenz versprochen, datt dat do eng Prioritéit vun der Regierung wär. Bon, et war vläicht keng alleréischti Prio- ritéit, well mir hunn elo bis zum Schluss vun der Legislaturperiod gewaart, bis et koum, mä ëm- merhin, et koum. An ech mengen, dat muss een honoreieren.

Ech freeë mech och wéi ëmmer, datt déi gréng Partei erëm, nodeems se d’lescht Woch iwwer 400 Milliounen fir d’Arméi ausginn huet, des Woch nach eng Kéier 139 (veuillez lire: 137) Milliounen drop leet.

Ech hu bei deene Gréngen am Wahlprogramm gekuckt, wou dann d’Grenz ass vun deem Engagement militaire. Ech hu geduecht: Do fënns de dach eppes am grénge Wahlpro- gramm, wivill Prozent déi gréng da wierklech elo wëllen an d’Arméi ginn! Do muss dach ier- gendeng Limitt sinn als pazifisteschen engagéiert Partei!

► **Une voix.**- Sans limite!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ma et steet keng do. Genau dat. Sans limite!

(Brouhaha)

An dat ass dach eppes! Do hunn ech mer ge- duecht - well d’CSV hat jo geschwat, si wëllt op 1% goen, do si mer gespaant, wéi se et da mécht - mä op jidde Fall, vun Ärer Säit däerf keng Limitt no uewe sinn, wat den Effort de défense ugeet. Dat ass jo eng schéi Saach.

(Brouhaha)

Voilà. Dann ass et awer och fir eis wichteg, fir ze ënnersträichen,...

(Interruption par la présidence)

Gelif? Pardon?

(Hilarité)

Et ass fir eis awer elo och eng Fro vun Organi- sation. Den Här Graas hat gesot, datt den État-major net invitéiert gi wär an d’Kommis- sion, fir doriwwer ze schwätzen. An ech mengen, hei ass och eng fundamental Fro: Wéi eng Destinatioun, wéi e Rôle spillt den Häre- bierg an der Gesamtstruktur vun der Arméi? Well den État-major huet jo säi Rôle ze spil- len. An hei ass eng Reform gemaach ginn, wou gesot ginn ass: „Et musse Synergie bestoen.“ Engersäits musse Strukturen zesummegeluecht gi vun der Arméi, fir den double Emploi ze ver- hënneren, dofir komme verschidde Saachen, déi bis elo am État-major waren, op den Häre- bierg. An anersäits solle Synergie gemaach ginn tëschent dem État-major an dem Minis- tère, wou awer iergendwéi déi Léisung, déi fonnt ginn ass, eis awer net kann iwwerzeegen, well den État-major, dat, wat an der Stad bleift, net bei de Ministère geet. Dat geet op eng aner Plaz, wou schonn aner Sécherheetinfra- strukturen existéieren. Mä wann ee wierklech hätt wëlle Synergie maachen tëscht dem État- major an dem Ministère oder der Direction de la défense, hätt een dat och missen zusumme- leeën. Dat geschitt net.

Elo ass also d’Fro: Wou sinn dann eigentlech déi Synergien? Ass dee Konzept, deen elo um Härebierg realiséiert gëtt, an dat, wat hei an der Stad gemaach gëtt, ass dat nach dat, wat eigentlech ugeduecht war vun dëser Re- gierung? Erfëllt dat den Zweck, fir eis Arméi méi effikass ze maachen, oder de Ministère besser opstellen, fir verschidde verdeede- gungspolitesch Optiounen kennen ze huelen? Dat, mengen ech, misst den Här Minister eis erklären.

Datt déi Aarbechten douewen och zum Deel der Effentlechkeet profitéieren, d’Sportsinstalla- tionen, aner Installatiounen, ass eppes, wat een natierlech nëmme ka begrëssen, soulaang d’Sécherheet vun de militäreschen Installatiou- nen dobäi respektéiert gëtt. Ech mengen, dat ass ëmmer déi éischt Consideratioun. Mä den Härebierg och als Site opwäerte fir d’Stad, fir d’Regioun an och déi Interaktioun tëschent dem zivilen Ëmfeld an der Kasär ze intensivie- ren an ze verbesseren, dat sinn Entwécklungen, déi een nëmme ka begrëssen.

Mir sinn als ADR frou iwwert dëse Projet. Ech hat et am Ufank gesot: Et ass héich Zäit ginn,

datt déi Leit, déi um Härebierg sinn, och do- duerch sech valoriséiert fillen, datt endlech no hire Besoine gekuckt gëtt. Mir stëmmen dëse Projet ganz gär mat a wäerten also op jidde Fall och weider kucken, datt d’Installatiounen vun der Arméi ëmmer der Zäit ugepasst sinn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. An d’Wuert huet elo den Här David Wag- ner.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Et ass rar, datt mer eis Zoustëm- mung ginn am Kader vun Depensé vun der Ar- méi. Op jidde Fall huet een dat a leschter Zäit net oft vun eis gesinn. Mä des Kéier wäerte mer eng Ausnam maachen, well mer der Meenung sinn, datt dat Depensé sinn, déi den Zaldoten an Zaldotinnen och zeguttkommen. A mir sinn der Meenung, egal wat een elo kann denken - den Här Gusty Graas huet eng philosophesch Fro opgeworf: Brauch esou e Land wéi Lëtze- buerg eng Arméi? Oder, wat fir eng Missioun soll ee maachen oder net? -, dovunner ofge- sinn, et si Leit, déi do schaffen, an déi mussen och a gudde Konditiounen, wéi all Beamten oder iwwerhaupt all Salarié, schaffen. An dofir wëlle mir dat ënnerstëtzen.

Et ass op jidde Fall eng eendeiteg méi sënnvoll Depense wéi eben aner Depensen, wéi de Mili- tärfliger, wéi mer wëssen, wou mer wahr- scheinlech emol net déi zwee Eenzeg hei am Raum sinn, déi der Meenung sinn, datt dat eng superflu Depense war. Ech mengen, mir sinn zu vill méi souguer. Oder vläicht och Interventiou- nen innerhalb vu militäreschen Allianzen, déi an eisen Aen och kee Sënn erginn.

Dofir gi mer eisen Accord. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. An dann huet d’Wuert elo de Stats- sekretär am Nohaltegekeetsministère. An ech géif mengen, dass et säin „maiden speech“ ass.

► **M. Claude Turmes**, *Secrétaire d’État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Yes.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Direkt eng gutt Entrée en matière.

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Ah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Bon- jour, Bonjour!

Prises de position du Gouvernement

► **M. Claude Turmes**, *Secrétaire d’État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Merci. Merci, Här President, Merci dem hono- rabele Rapporteur Henri Kox. Merci och all deenen, déi geschwat hunn. Ech fannen et flott, dass mer hei iwwer all Parteigrenzen der Meenung sinn, dass déi Infrastrukturen um Härebierg musse moderniséiert ginn. Ech mengen, dat ass e wichtege Projet fir d’Arméi, virun allem fir déi Leit, déi douewe schaffen. Et ass och schéin, dass si haut bis op den héchs- ten Niveau hei bei eis vertraude sinn. Et ass awer, wéi den Aly Kaes virdru gesot huet, natierlech och eng gutt Noriicht fir Dikrech, fir d’Nordstad, fir den Norden. Dat do sinn net nëmme 140 (veuillez lire: 137) Milliounen In- vest, dat sinn och Aarbechtsplazen. An do- duerch, dass den État-major elo erëm deelweis zrëckkënn op den Härebierg, ass dat natierlech eppes, wat eigentlech der Iddi vun der Re- gierung, dass mer eng Dezentraliséierung maa- chen, entsprécht.

Nach eng Kéier kuerz: Wat maache mer? 27 Gebaier gi quasi renovéiert. Do war ee Mo- ment d’Diskussioun: Ginn déi ofgerappt, maa- che mer neier? An d’Bâtiments publics sinn dunn zum Schluss komm, dass et besser ass, wa mir déi renovéieren. Et ass eigentlech och e bëssen e Bäitrag zur Économie circulaire, dass mer Gebaier, déi mer nach brauche kënnen, re- novéieren.

Et komme siwen nei Gebaier derbäi, an dat ass natierlech och wichteg fir de Passage vun deem ganze Chantier. D’Arméi muss an deene Méint weider kënnen funktionéieren. Et sinn dräi Phase virgesi vun all Kéiers dräi Joer. An do- duerch, dass d’Kichen erauskënn, dass d’Sportshal erauskënn, ass et méiglech, dass d’Arméi weiderhi funktionéiere kann, trotz- deem dass de Chantier weiderleeft.

Dann ass fir déi ganz energetesch Saache pro- bëiert ginn, wierklech de Maximum ze maa- chen. Bis elo ass um Härebierg quasi alles mat Masutt gemaach ginn. Et ass viru Joren eng Kéier eng Gasleitung dohinner gezu ginn. A wéi erwänt ginn ass virdrun, kënn eng Holzhackschnitzelchaudière dohinner, déi dee gréissten Deel vun der Wäermt ofdeckt. A mir halen ee vun de Kesselen, fir weider mat Gas den à point ze maachen, wann et emol beson-

nesch kal ass. Dann ass elo scho virgesinn, fir op dräi gréissere Gebaier Solaranlagen ze maa- chen, 750 Kilowatt Peak. An ech si frou, dass den Henri Kox an och all d’Fraktiounen elo mat en Opruff maachen, dass mer eigentlech kéinte méi maache bei Solar.

Ech hat virdrun dem Etienne Schneider, dem Arméiminister, eng kleng Anekdot erzielt. Déi Europäesch Energiefuerschungsleit ware virun zwee Joer eng Kéier op Boulder a Colorado, wou d’Amerikaner hir Recherche maachen am Beräich vun der erneierbarer Energie. A wéi se zrëckkomm sinn, sote se zu mir: „There was a lot of dark green.“ A wat wollte se domat soen? D’amerikanesch Arméi investéiert mas- siivst an d’Kombinatioun vu Solar a Batterie, well d’Schwaachstell vun den Arméien oft den Diesel-, de Masutttransport ass.

Wa mer elo déi Motioun unhuelen, denken ech, dass mer eventuell kënnen kucken, ob net an Zukunft - wahrscheinlech ass d’Arméi vun der Zukunft eng Arméi, déi vill méi autonom funktionéiert an där Kombinatioun mat Solar a Batterien - een dat vläicht iergendwéi schonn e bësse ka matabauen, och an d’Formatioun vun de Leit.

Dann ass ugeschwat ginn déi Saach vun der Sécherheet. Déi zwou Infrastrukturen, déi elo ausserhalb kommen, sinn extra esou konzi- péiert ginn, dass d’Sécherheet besser ass. Dat heescht, fir d’Zivilleit gëtt et eng gewëssen Traditioun, dass d’Veräiner, d’Sportsveräiner vun Dikrech, déi déi Sportshal emol genotzt hunn, bis elo ëmmer hu missen an d’Enceinte eragoen, wat net besonnesch glécklech war. An dat ännere mer elo an Zukunft. D’Kantinn ass och an engem extrae Sas, wat erlaabt, dass, wann ugeliwwert gëtt, déi Camionen net mussen duerch den hallwe Rescht vun der En- ceinte fueren. Also ass dat sécherheetstech- nesch vill besser. An datselwecht ass och mam Holzhackschnëtz, deen ugeliwwert gëtt, dee kann och bausse bleiwen. Also ass dat sé- cherheetstechnesch eng wesentlech Verbesse- rung.

Wéi geet de Projet elo virun? Mir hunn nach eng Autorisation ausstoen. Mir sinn amgaang, e POS ze maachen, deen ass an der Prozedur. D’Leit zu Dikrech hunn d’Méiglechkeet, nach déi nächst Wochen Asproch ze maachen. Mir erwaarden eis, dass dat relativ ouni Problem iwwert d’Bün geet. Da kënn d’Dikrecher Ge- meng. A wann alles gutt geet, kënnen mer nom nächste Summer bauen.

An et ass een Aspekt, deen do nach opgeworf ginn ass, dat ass den Aspekt vum Landschaftss- chutz. Fir dass ee virun allem zu der Gilsdrefer Säit an der Richtung Reisduerf de Projet herno manner gesäit, ass ugeduecht, fir zwou Bamal- leeë mat op déi Strooss, déi do ronderëm geet, ze planzen. An dat wäerte mer probéieren, zu engem spéideren Zäitpunkt do mat anze- bauen, soudass dee ganze Projet vill besser kann an d’Landschaft integréiert ginn.

Souwäit vu mir. Villmools Merci fir Är Ënner- stëtzung. An ech hoffen dann, dass d’Leit um Härebierg geschwënn a bessere Konditiounen kënnen schaffen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. An d’Wuert huet de Verdeedegungsminis- ter, den Här Etienne Schneider.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Dé- fense.*- Merci, Här President. Ech wëll just ganz kuerz d’Wuert huelen, well et, wéi den Här Kartheiser richtig seet, eent vu mengen, wann net mäin éischt Versprieche war, fir der Lëtze- buerger Arméi ze soen, mir géifen déi Gebai- lechkeeten, dee ganze Site militaire renovéie- ren. Dass et esou laang gedauert huet, huet lei- der domat ze dinne, dass et ëm vill Gebaier geet, dass et ëm vill Projekte geet an dass vill Prozeduren anzehale waren. Mä mir sinn der- duerchkomm, an dat eben zesumme mat de Kollege vum MDDI.

Dofir e grouse Merci fir d’Efforte vun alle Säi- ten. Och e grouse Merci un de Kommandant vum Centre militaire mat senger Equipp, un de Chef vum État-major mat senger Equipp an un d’Direction de la défense, well hei hu ganz vill Leit misse mat dru schaffen, fir dass mer haut hei dee Vott kënnen huelen.

Mech freet et insbesonnesch, well et wierklech genee dat ass, wat mir ëmmer probéieren: Mir probéieren, den Effort de défense, dee mer musse maachen, dee mer musse vis-à-vis vun enger NATO an eisen NATO-Partner leeschten, esou ze gestalten, dass en e Retour écono- mique direct op Lëtzebuerg respektiv op seng Bierger huet.

Dat heiten, mengen ech, ass déi beschte Méig- lechkeet, fir aus engem Effort de défense e Fër- derprogramm ze maache fir d’Lëtzebuenger

Handwierk, well hei gi vun deenen 137 Mil- liounen Euro 137 Milliounen Euro un d’Lëtze- buerger Handwierk, fir ebe just deen dote Site ze restauréieren. Dat ass also déi eng Win-Si- tuatioun.

Déi aner Win-Situatioun ass, dass mer domad- der eisen Obligatiounen vis-à-vis vun der NATO e Stéck méi no kommen. An déi drëtt Win-Si- tuatioun ass déi, an dat ass net déi mannste wichteg, dass mer d’Attraktivitéit vun der Lët- zebuerger Arméi domadder steigern, an- deems eis Infrastrukturen um leschte Stand sinn, a mer hoffen, oder ginn dervun aus, dass mer erëm méi jonk Leit begeeschtere kënnen, fir an d’Lëtzebuenger Arméi ze kommen.

Voilà, dat gesot, lech heibannen alleguerten e grouse Merci fir Är breet Ënnerstëtzung zu deem heite ganz wichtege Projet.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7272 iwwergoen.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7272 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt un. Fir d’Éischt déi per- sönlech Stëmmen. Dann d’Procuratiounen.

An d’Ofstëmmung ass elo ofgeschloss. Unani- mitéit. Domat ass de Projet 7272 ugeholl.

Résultat définitif: le projet de loi 7272 est adopté à l’unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bof- ferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen (par M. Marc Angel) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Da si mer nach saiséiert mat der Motioun.

Vote sur la motion 1

An ech géif dann d’Chamber froen, ob mer kënnen per Handophiewen iwwert d’Motioun ofstëmmen, well se jo vu jiddwerengem ge- droe gëtt.

(Assentiment)

Wien ass derfir? Wien ass dergéint? Och hei Unanimitéit. Domat ass d’Motioun ugeholl.



9. Ordre du jour (suite)

An da just nach eng Sekonn, wann ech gelif. Ech wollt lech iwwer e klenge Changement am Ordre du jour informéieren, wou d’Fraktiouns- presidenten dermat d’accord sinn.

Muer de Mëtte géife mer als véierte Punkt de Projet de loi 6810 fir eng oppen an transparent Verwaltung iwwerhuelen, dee fir den Don- neschdeg virgesi war. Also als véierte Punkt géife mer deen dote Projet iwwerhuelen, dee fält dann en Donneschdeg ewech, wann Der domat d’accord sidd.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun der Sëtzung ukomm. Rendez-vous muer um zwou Auer.

(Fin de la séance publique à 17.32 heures)